

**RAPPORT
D'ACTIVITÉS
2020**

radio
100,7

SOMMAIRE

7
8

01.2 WEIDER MUSIKALESCH AKTIVITÉITEN
01.1 INNOVATIV LÉISUNGEN A PANDEMIE-ZÄITEN
01 ENG GROUSS DIVERSITÉIT

4

**D'MISSIOUN VUM
SOZIO-KULTURELLE RADIO**

20	08 GOUVERNANCE
19	07 GÉNÉREL
18	06 TECHNIQUE/IT
16	05 ONLINE
14	04 NEWS
12	03 MAGASIN
10	02 DÉI KULTURELL AKTUALITÉIT

D'MISSIOUN VUM SOZIO-KULTURELLE RADIO

De radio 100,7 ass den öffentlech-rechtleche Radiosender zu Lëtzebuerg. D'Zil vum Sender ass déi multipel Realitéite vun enger Gesellschaft am permanente Wandel ze reflektéieren. Am Aklang mat senger Missioun bitt de radio 100,7 Noriichten, Aktualitéiten, kulturell, musikalesch, vilfälteg an edukativ Programmer an erméiglecht ee breeden Zougang u jiddwieren aus der Gesellschaft.

DE RADIO 100,7 AM JOER 2020

ENG GROUSS DIVERSITÉIT

An engem Joer, an deem déi kulturell Evenementer zum bal komplette Stéllstand koumen, huet eis Museksekip am Laf vum Joer Formater entwéckelt, déi de Museker, déi net (méi) viru Public konnten oprieden, eng gewësse Presenz ginn hunn. Während dem Confinement huet d'Programm-Ekip sech mat senioren- a jugendspezifische Sujeten un e gréisstméigleche Public geréicht, an zousätzlech gouf de Repertoire u Lëtzebuenger Musek nach erweidert, an et gouf e groussen Akzent op d'Museksprogrammation gesat. 2020 goufe ronn 850 Stonne Lëtzebuenger Musek gespilt. Zudeem goufen d'Iwwergäng zu de Klassik-Emissiounen iwwerschafft an nei Animatiouns-Tranchen um Weekend opgesat. Mat der Integratioun vun engem Liveticker um Site gouf d'Aktualitéit vun der Corona-Pandemie zäitno verfollegt.

Nieft der Kanneremissioun **HéLéLa** huet de radio 100,7 mat der Emissioun **Generatiounen** eng extra Tranche fir eeler Matbierger an de Méint Mee a Juni diffuséiert, mat Erënnerungen u fréier, Aktivitéiten, Gaardentipps, Concerten, déi virgestallt goufen a Klassiker aus der populärer Lëtzebuenger Musek vun den 1950er an 1960er. Och wann d'Emissioun just bis Nationalfeierdag diffuséiert gouf, sinn eenzel Elementer doraus an der Rentrée e feste Bestanddeel vum Programm ginn.

Am éischte Confinement, vu Mäerz bis Mee, huet de radio 100,7, nieft sengem normale Programm och eng Rei Wellness a Well-Being an de Programm geholl. All Dag gouf eng Fitnessübung vun engem lizenzierte Coach um Radio diffuséiert an online iwwer Video gewisen.

En einfach, gesond an nohaltegt Rezept gouf an Zesummenaarbecht mat der Plattform kachen.lu op Antenn presentéiert an Ernährungsberoder hunn den Nolauschterer zousätzlech Tipps ginn, fir a Lockdown-Zäiten gesond a gutt ze iessen. Eng Rubrik, déi duerno zum feste Bestanddeel vum Wocheprogramm um Radio ginn ass.

01.1

INNOVATIV LÉISUNGEN A PANDEMIE-ZÄITEN

Schlofzëmmerbléck

Enn Mäerz huet de radio 100,7 de **Schlofzëmmerbléck** lancéiert. 13 Lëtzebuenger Musekerinnen, Museker a Bands goufe gefrot fir e Stéck am éischte Confinement zu Lëtzebuerg ze schreiwen an opzehuelen. D'Compilatioun gouf op digitale Musekstreaming-Plattformen verëffentlecht a koum op 500 Exemplaire limitéiert Vinyl-Edition ous. Déi 13 KënschtlerInne sinn: Edsun, Napoleon Gold, Francis of Delirium, Ryvage, C'est Karma, Them Lights, Claire Parsons, Autumn Sweater, Bartleby Delicate, Sensu, Claudine Muno, Pascal Schumacher feat. Studnitzky a Maz.

Aircheck Sessions

Fir trotz Pandemie kënnen live Musek ze genéissen, goufen zesumme mat der Kulturfabrik **d'Aircheck Sessions** an d'Liewe geruff. Eemol am Mount goufen an der Kulturfabrik Concerte vun Tuys, Benoit Martiny Band, Heavy Petrol a Great Mountain Fire live iwwerdroen. D'Aircheck Sessions ginn och 2021 weidergeféiert.

Back to live a weider kllassesch Concerte live aus der Philharmonie

Vum 25. Juni bis 9. Juli huet de radio 100,7 déi éischt **Back to live**-Concerte vum Orchestre Philharmonique du Luxembourg aus der Philharmonie iwwerdroen an dem Orchester op dës Manéier e Publikum erlaabt, dat iwwer déi am Sall zougeloossen 250 Spectateuren erausgaangen ass.

Den 3. Dezember huet de radio 100,7 am Kader vum Optrétt vum OPL an der Geiistin Maria Dueñas als Concertssall funktionéiert. Eis Museksredaktioun huet doriwwer ous dem Orchester proposéiert hir Concerten ad hoc ze iwwerdroen, iwwerdeems de Concertssall zou war.

01.2

WEIDER MUSIKALESCH AKTIVITÉITEN

Nei Emissiounen

Nei am Programm begréisst goufen d'Emissiounen **Mat Groove a Séil** (mat Fokus op Soul-Musek aus den 1960er a 70er Joren), **Palatino FM** (mat Fokus op Club-Musek), an **Tockcity** (eng labber Museksemissioun am fréien Owend).

Nei Formater

Mat **Fënnféierel** (onkommentéiert Kënschtler-Portraiten), **À bon entendeur** (iwwer d'Geschicht vum Museklauschteren) an der Declinaisoun vum **Album vun der Woch** an **Trendscheif** op all d'Aarbechtsdeeg goufen och nei Formater an der Programmation reflektéiert.

E virtuelle Concertsall als Ersatz

Mam Zoumaache vun de Concertsäll am Mäerz huet de radio 100,7 d'Diere vu sengem virtuelle Concertsall op senger Websäit wäit opgemaach, an dëst mat Enregistrementer aus eisen Archiven. Zanter der Reprise vun den Evenementer goufen dann och Concerte vun eise Musekspartner aus der aktueller Saison diffuséiert.

Koll an Aktioun on Air

Den 30. Mee goufe mat **Koll an Aktioun on Air**, dee wéinst der Pandemie net konnt sinn, 4 Stonne Festival (Concerte vun AEM, Mambo Schinki, Tuys, DJ-Set "Public Service Soundsystem") op der Antenn vum radio 100,7 iwwerdroen an als Video-Stream ugebueden.

Journée de la musique

Am Kader vun der **Journée de la musique** den 21. Juni gouf 4 Stonne laang live Musek (Concerte vu Cali, Tuys, Daniel Balthasar, Schëppe Siwen, Yano Schwall Kravos,

Slumbergaze, Marc Demuth String Project, De Läbbel) vun Diddeleng, lechternach an aus dem Studio 8 iwwerdroen. Zudeem goufe moies Concerten aus der Philharmonie (Sträichquartett vum OPL an Ensemblele vun der Militärmusek) iwwerdroen.

An enger Table ronde hu verschidden Acteure vun der Musekszeen ënner anerem iwwer déi kuerz- a laangfristeg Konsequenze vun der sanitärer Kris op déi musikalesch Aktivitéit vun de Veräiner diskutéiert.

Congés annulés

Am August gouf de Festival **Congés annulés** couvréiert, an d'Concerte vu Claudine Muno, Hannah Ida a Slumbergaze goufe live iwwerdroen.

E Museksvideo fir Tuys

Bei där vum radio 100,7 an der Kulturfabrik organisierter **Aircheck Session** vun Tuys den 21.11. gouf e Concerts-Matschnëtt realiséiert, mat deem déi Lëtzebuerger Rockband um **Eurosonic Noorderslag (ESNS) Festival 2021**, dee wéinst der Corona-Pandemie digital ofgehale gouf, deelgeholl huet.

https://www.youtube.com/watch?v=SL_ni3XmBj0

Musek deelen

Den 23. Mäerz gouf d'Emissioun **Musek deelen**, an där Artisten hir léifste Musek mat eisen Nolauschterer gedeelt hunn, an d'Liewe geruff.

250. Gebuertsdag vum Ludwig van Beethoven

Am Dezember 2019 an 2020 stoung de Ludwig van Beethoven als Komponist vum Mount am ganz besonnesche Fokus vum radio 100,7. Esou goufen dann och 2019 an 2020 op dem Komponist sengem Gebuertsdag, de 17. Dezember, zwou Spezial-Emissiounen diffuséiert.

Ënner dem Titel **#beethoven20** huet de Pianist Jean Muller eng Video-Serie iwwer déi 32 Sonate vum Beethoven kreéiert. Den 18. Dezember huet de Joachim Fontaine iwwerholl, an dëst mat Ablécker an dem Komponist säi Liewen.

Concert vun der European Composer and Songwriter Alliance

Um 6. Oktober war de Radio Partner vun der Fédération luxembourgeoise des auteurs et compositeurs (FLAC) fir de Concert vun der European Composer and Songwriter Alliance, gespillt vum Ensemble United Instruments of Lucilin.

36. Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes de l'Union Grand-Duc Adolphe

De radio 100,7 hat am Kader vum 36. Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes de l'Union Grand-Duc Adolphe vun 2019 e Spezialpräis fir de beschte lëtzebuergesche Laureat ausgeschriwwen, mat als Präis d'Produktioun vun enger Demo an eise Studioen. De Pianist a Laureat Val Kravos huet seng Demo de 27. Juli 2020 opgeholl.

Bäibehale vun eise lokalen an internationale Partneriater

Och 2020 huet de radio 100,7 d'Kollaboratioun mat senge Musekspartner (d'Orchesteren OPL, Solistes Européens, Orchestre de Chambre du Luxembourg, Lucilin, Estro Armonico, Musique militaire, d'Kulturhaiser CAPE a Kulturhaus Miersch, de Conservatoire, der UGDA an diverse Festivallen) virugeféiert.

Zudeem gouf déi enk Zesummenaarbecht mat SR2 KulturRadio ausgebaut, an dëst mat der gemeinsamer Diffusioun vu Concerte vun der Deutschen Radio Philharmonie Saarbrücken Kaiserslautern an dem Orchestre Philharmonique du Luxembourg. Wéinst de sanitäre Mesurë gouf 2020 op zweesproocheg Kommentare verzicht.

Éischt Opnam vun engem Sträichquartett an eise Grouse Studio

De 15. November war de Quatuor Henri Pensis Invité an der Emissioun **Musek am Gespréich**, am Kader vun där de Sträichquartett de Quartettsaz vum Franz Schubert interpretéiert huet. Et war dëst déi éischt Opnam vun engem Sträichquartett an eise Grouse Studio.


Concerten am Kader vun der EBU

Am Kader vu eisen Aktivitéiten als Member vun der European Broadcasting Union hu mir der EBU an der Zäit vum 1. Januar bis 21. Dezember 20 Concerte vun de Solistes Européens, dem OPL a Lucilin offréiert. Dës Concerten hunn en Total vu 95 Diffusiouns-Demandë generéiert. Nodeems eng Konventioun mam Orchestre de Chambre du Luxembourg en place gesat gouf, kommen d'Concerte vun dësem Ensemblen elo och an eis Offer un d'EBU derbäi.

D'International Classical Music Awards

Als Member vun den International Classical Music Awards (ICMA) huet de radio 100,7 och déi bescht klassesch Albume vum Joer mat erausgesicht. 2020 goungen d'Nominatiounen un den Ensemblen Artemandoline, de Corist Léo Halsdorf, d'Solistes Européens, Luxembourg an den Orchestre Philharmonique du Luxembourg. Dem OPL seng Opnam vun der Symphonie vum César Franck koum bis an d'Finall a war domat ee vun den dräi beschten Enregistrementen vum Joer 2020. D'Präisiwwerreechung an de Galaconcert vun den ICMA si fir 2022 an der Philharmonie, a Kollaboratioun mam Orchestre Philharmonique du Luxembourg, geplangt.

DÉI KULTURELL AKTUALITÉIT



**B-RADIO
INVITÉ(E) VUM DAG
RIICHT ERAUS
AUTORINNE-LIES
HÉLÉLA**

Während der Pandemie hu mer den Acteuren aus der Kulturzeen eng Stëmm ginn. An Interviewen a Bäitrag hu si beliicht, wéi hiert Schaffe sech während der sanitärer Kris verännert huet. D'Initiative vun de Kënschtler fir zum Beispill iwwe Internet weider mam Public a Kontakt ze bleiwen oder fir dës historesch Zäit ze dokumentéieren, goufen thematiséiert. E Beispill: D'Initiativ vum Centre National de l'Audiovisuel fir Fotografe fir sechs Pandemie-Chroniken op verschidde Plazen ze schécke fir de Lockdown a Biller festzehalen.

D'Kris gouf och an e puer vun den am Ganze siwen Editiounen vun der Emissioun **B-Radio** thematiséiert. Eis Ekipp huet sech op eng satiresch-ironesch Manéier mat Theeme wéi der Ausgangsspär, de Verschwörungstheorien oder dem Näscht-Maachen auserneegesat.

An den Emissiounen **Invité(e) vum Dag** a **Riicht eraus** goufe verstärkt kulturell Theeme vun der Kulturredaktioun verschafft.

Och déi national an international Filmaktualitéit war e grouse Sujet, mat ë. a. enger breeder Couverture vum Luxembourg City Film Festival an dem CinEast-Festival. Wéi d'Kinoen zou waren, goufe verstärkt Filmer vu Streaming-Plattformen rezenséiert.

Mir hunn d'Serie **AutorInne-Lies** ageféiert. Fir eng 15 Portraite hu mer Auteurinnen an Auteurs doheem besicht a mir hu bei hinnen eng ganz Rei Andréck akustesches gefaangen.

Am Kontext vun der Präisiwwerreechung vum Prix Servais den 28. Oktober am Centre national de littérature huet d'Journalistin Valerija Berdi, op Wonsch vum Laureat Francis Kirps, dem Auteur seng Laudatio gehalen.

D'Kannersendung **HÉLÉLa**, déi während dem Lockdown ageféiert gouf, ass vun der Kulturredaktioun entworf a koordinéiert ginn.

MAGASIN





**HÉLÉLA
AM GESPRÉICH
KAPPKINO**

Mat der Rentrée 2020 gouf d'Kanneremissioun **HéLéLa**, déi a Lockdown- an Homeschooling-Zäiten entstanen war, als feste Bestanddeel an d'Programmation opgeholl. Zudeem goufen Elementer aus Emissiounen fir Senioren an déi generell Programmation agebaut. Dat neit Format **Am Gespréich** ass entstanen. Fir de Programm um Sondegmoien gouf sech verstärkt op Sujeten aus Geschicht, Philosophie a Kultur fokusséiert.

Zesumme mam Kulturkanal (KUK) sinn ënnerschiddlech Produktiounen entstanen (Podcasten, Concerten, Lauschterspiller). Och gouf déi kënschtlersch Kreatioun **Kappkino** zesumme mat der ASBL Openscreen realiséiert.

Webinaren iwver Educatioun, zesumme mat Léierpersonal, Elteren a Schüler, goufen a Kollaboratioun mam SCRIPT (Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques) diffuséiert.



NEWS

COVID-PANDEMIE
LIVETICKER
INVITÉ(E) VUM DAG
EUROPA AKTUELL

D’Noriichtenoffer gouf 2020 weider ausgebaut, mat enger zousätzlecher Editioun vu Panorama op Wochendeeg um 17 Auer a sonndes um 9 Auer.

D’Couverture vun der Covid-Pandemie ass mam Fokus op déi wëssenschaftlech Aspekter souwéi déi sozial Impakter geschitt. Mir hunn d’Schüler an d’Proffe beim Home-schooling begleet an nees beim Retour an d’Schoul nom éischte Lockdown. Mir ware während dem Confinement bei Policekontrollen am Grond dobäi, hunn de Leit an de Restauranten eng Stëmm ginn um leschten oppenen Owend virun engem weidere Confinement, a mir hunn d’Aarbecht vun de medezineschen Ekippen op den Intensivstatiounen dokumentéiert.

Um Site an an der App koum e Liveticker zum Asaz, deen iwwer d’Presidentschaftswalen an den USA, den Etat de la Nation an d’Covid-19-Pandemie bericht huet. De Corona-Ticker gouf iwwer 50.000 Mol consultéiert.

Et goufe verstärkt Reportagen “um Terrain” gemaach an e méi grouss Fokus op lokal a regional Sujete geluecht. Et gouf sech zudeem méi dofir agesat, eng méi grouss Participatioun mat den Nolauschterer ze erreechen, ënner anerem duerch Temoignagen, Froe vun den Nolauschterer an Tables rondes.

Eng 300 Invitéen aus de Beräicher Politik, Zivilgesellschaft, Wirtschaft, Fuerschung, Kultur oder Sport hu sech an den Emissiounen **Invité(e) vum Dag** a **Riicht eraus** de Froe vun eise Journaliste gestallt. D’Unzuel u Fraen an der Emissioun Invité(e) vum Dag ass ëm 30% geklommen.

Well den Impakt vun der europäescher Politik op d’Liewen zu Lëtzebuerg grouss ass, hu mir d’Couverture vun deenen Theeme weider ausgebaut, mam reegelméissegem Creneau **Europa Aktuell** moies um 7.20 Auer.

ONLINE

De Site vum radio 100,7 ass www.100komma7.lu.
De radio 100,7 ass och op Facebook, Twitter an Instagram aktiv.
D'Online-Presenz vum Radio gouf och 2020
weider ausgebaut an alignéiert.

2020 gouf däitlech
méi gelies.



DÉI FËNNEF MEESCHT GELAUSCHTERT EMISSIONEN (eenzel Episoden) an der Mediathéik 2020 sinn:

- 1 REEN A BOU:** Op Schratt an Tratt mam Wieder - Den Afloss vum Coronavirus op d'Wiederprognosen
- 2 AKTUELLES:** Een Altersheem preparéiert sech op d'Corona-Kris
- 3 REEN A BOU:** Op Schratt an Tratt mam Wieder - Verschwörungstheorie ronderëm d'Wieder
- 4 AKTUELLES:** Quarantän am Pescatore
- 5 AKTUELLES:** Independanten a kleng Commercen: „Et geet net méi laang“



DÉI FËNNEF MEESCHT GELIESTEN ARTIKELN op www.100komma7.lu am Joer 2020 sinn:

- 1 LIVETICKER:** Neiegkeeten ëm de Coronavirus
- 2 CORONA-KRIS:** Op Covid-19-Kontroll mat der Police
- 3 FRÄIE MIKRO:** Zäit fir d'Schoulretrée
- 4 FRÄIE MIKRO:** Portugise si bei eis wëllkomm - als Aarbechter, an net méi!
- 5 CORONA-KRIS:** „Dat gehéiert an d'Ëffentlechkeet“

2020
2019

SÄITE-STATISTIKEN

SÄITENOPRIF

1.402.485

2.367.049

BENOTZER

240.736

+ 90%

FACEBOOK

ABONNENTEN

10.458

12.318

+ 69%

Besonesch eis Posts zu Entwécklung wärend der Corona-Pandemie sinn op vill Opmierksamkeit gestouss. Eis Reportage iwwer Police-Kontrolle wärend dem Confinement am Abrëll 2020 an eng Landkaart vun de regionale Corona-Inzidenzen aus dem Juli hu jeeeweils iwwer 100.000 Leit erreecht.

APPARAT

Mobile-Benotzer (inklusive Tablet) 2020
Mobile-Benotzer (inklusive Tablet) 2019
Desktop-Benotzer 2020
Desktop-Benotzer 2019

73,2%
65,1%
26,8%
34,9%

APP

+ 1190%

D'radio 100,7-App, déi Enn 2018 lancéiert gouf, huet 2020 seng User-Unzuel am Verglach mat 2019 méi wéi verduebelt.

D'Consultatioun vun Artikelen an der App ass vun 2019 op 2020 souguer ëm 1190% gewuess.

TECHNIK/IT

Eng Rëtsch Mesurë goufe getraff, fir datt d'Aarbecht vum Radio och an Zäite vu Confinement an Homeoffice esou gutt wéi méiglech konnt weidergoen: VPN, Remote Desktop, ënnerschiddlech Léisunge fir Interviewe via Telefon aus dem Homeoffice ze féieren an opzehuelen, Interventiounen an Adaptatiounen um Reseau, Asaz vun zousätzlechem technesche Material.

Mam Projet Artisto gouf duerch d'Ersetze vun der Infrastruktur erméiglecht Interviewen à distance ze féieren.

D'Integréiere vu WhatsApp an den Intranet erlaabt et, eng méi direkt Kommunikatioun mat den Nolauschterer ze geréieren.

D'Studioen 2 (Op Antenn) an 8 (Grousse Studio) goufen am Kader vum Projet Visioradio ekipéiert, fir an eise Studioen eng attraktiv Video-Offer ze erlaben.

GENERELL

Fir den dagdeegleche Produktiounsoflaf vum Radio ze garantéieren an dobäi déi virgeschriwwen sanitär Mesuren anzehalen, goufen d'Aarbechtsprozesser reorganiséiert.

A Kollaboratioun mat der Technik, dem Programm an de Museksredaktiounen gouf en neien Habillage sonore fir de radio 100,7 ugefaangen.

Eng Software fir d'Gestioun vun de Ressources Humaines koom an den Asaz.

Et gouf eng Kommunikatiouns-Strategie ugefaangen, souwéi d'Virbereedungen zu der strategescher Prozedur am Kontext vum Repositionnement vum radio 100,7 als Medium vum Service public.

GOUVERNANCE

De Marc Gerges ass Direkter.

Eis ganz Ekippannt Dir hei: <https://bit.ly/3eBcgTY>

D'Établissement vum soziokulturelle Sender gëtt vun engem Verwaltungsrat geleet, deen aus Vertrieder aus Kommunikatiouns- a Kulturkreesser, wéi och der Zivilgesellschaft besteet.

Zesummesetzung vum Conseil d'administration den 31. Dezember 2020:

Mme Véronique Faber, Presidentin
Mme Tania Brugnoli
M. Jean-Marie Haensel
Mme Dominique Hansen
Mme Josée Hansen
M. Raphaël Kies
M. Pierre Reuter
M. Jacques Thill
Mme Renée Wagener

Mme Céline Flammang, Commissaire de Gouvernement
Mme Laure Bourguignon, Secrétaire general

2020 huet de Verwaltungsrat sech e Code de déontologie ginn, dee fir all Member vum Verwaltungsrat gëllt.

Nieft engem Positionspabeier, deen de CA an d'Direktioun mat den Ekippe vum Radio ausgeschafft hunn, fir esou aktiv um parlamentareschen Debat iwwer den zukünftigen öffentlich-rechtliche Radio zu Lëtzebuerg deelzehuelen, gouf och eng strategesch Reflexioun lancéiert, déi de radio 100,7 als moderne Medium positionéieren a fir d'Zukunft ausriichte soll.

Établissement de Radiodiffusion Socioculturelle
21a, avenue J.F. Kennedy, L-1855 Luxembourg

www.100koma7.lu

